**Question écrite n°781** - Sujet : Mortalité des abeilles

**Auteur(s)** : Monsieur Roy Reding, Député
**Destinataire(s)** : Monsieur Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs
**Date limite de réponse à la question** : 08-01-2015

**Evènement(s) :**

| Date | Description | Liens |
|---|---|---|
| 08-12-2014 | Dépôt de la question | Document écrit de la question |
| 08-01-2015 | Délai de réponse dépassé | |
| 12-01-2015 | Réponse écrite de Monsieur Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs | Document écrit de la réponse |

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 DEC. 2014
781

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 5. Dezember 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Stierwe vun de Beien ass an Europa als Gefor erkannt ginn. Tatsächlech ass dëse Phänomen am Ament vläit esou guer méi eescht ze huelen, wéi d'Auswierkunge vum Klimawandel. Ee vun der Haaptgrënn vum Massestierwen vun de Beien sinn Pestizide mat Neonicotinoiden, wéi wëssenschaftlech Etuden beleeën
(EU, Directorate General for Internal Policies, Policiy Department A: Economic and Scientific Policy: E xisting Scientific Evidence of the Effects of Neonicotinoid Pesticides on Bees). Eng Lëscht vun der ASTA (Administration des services techniques de
l'agriculture) iwwer phytosanitär Produiten (Pestiziden also) gesäit awer anscheinend och Produite mat Neonicotinoiden vir, déi net nëmme Schiedeger mais och Beien geféierlech sinn.

Dofir wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft folgend Froe stellen:

1) Wéi vill a wat fir eng zouloosse Produkter beinhalten Wierkstoffer vun der Famill vun den Neonicotinoiden?

2) Firwat sinn dës Produkter trotzdem hei am Land zougelooss ginn?

3) Ass déi Zouloossung net am Widdersproch zum Verbuet, wat säitens vun der EU-Kommissioun am Abréll 2013 ausgeschwat ginn ass?

4) Gedenkt Dier, déi Zouloossung eventuell ze iwwerdenken ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Dossier suivi par :
M. André VANDENDRIES
Tél. : 247 82529

Réf.: 1236114

**Monsieur Fernand ETGEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 JAN. 2015

Luxembourg, le 12 janvier 2015

**Objet:** Question parlementaire no 781 de Monsieur le Député Roy Reding

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs et de Monsieur le Ministre de la Justice à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LÉGISLATION
SCL
Reg.:
Entré le: 12 JAN. 2015
CHD:
CE:
A traiter par:
Copie à:

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs,

Fernand ETGEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs et Monsieur le Ministre de la Justice à la question parlementaire no 781 de Monsieur le Député Roy Reding**

1. Momentan sinn am Ganze 16 Produkter déi d'Wirkstoffer Imidacloprid, Thiacloprid oder Acetamiprid enthalen, zougelooss.

   Imidacloprid: Confidor 200 SL, Merit Turf

   Thiacloprid: Biscaya 240 OD, Calypso, Calypso Spray, Calypso Garden, Bay.G.Sch.f. Calypso, Etisso Sch.frei SC

   Acetamiprid: Gazelle SG, Duo-Stick, Multisect, Multisect Aerosol, Multisect Aer. Prêt, Substrat Spray p. pl., Roseclear, Roseclear Spray

2. Dës Produkter sinn ewéi all aner Sprëtzmëttel duerch d'Prozedur vun der géigesäiteger Unerkennung nom Artikel 40 vum europäesche Reglement 1107/2009/CE zu Lëtzebuerg zougelooss ginn. D'Zouloossunge vun deene Produkter baséieren domatter op Zouloossungen aus dem Ausland. Dës Produkter falen net ënnert den Uwennungsberäich vum Ausféierungsreglement 485/2013/CE an et sinn bis elo keng nei Erkenntnisser vun Säiten vun der EFSA komm, déi zu engem Verbuet vun dëse Mëttelen gefouert hätten.

3. D'Ausféierungsreglement 485/2013/CE vun der EU-Kommissioun vum 24. Mee 2013 huet d'Wierkstoffer Clothianidin, Thiamethoxam an Imidacloprid betraff an dovunner just verschidden Uwennungen. 9 Produkter kruten d'Zouloossung entweder ganz oder fir eng Rei vun hiren Applicatiounen doropshin entzunn. D'Wierkstoffer Thiacloprid an Acetamiprid waren net betraff, well se net esou gëfteg sinn ewéi déi dräi aner Wierkstoffer. Eis momentan Zouloossungen stinn also net am Widdersproch zum genanntene Ausféierungsreglement, deen zu Lëtzebuerg bäi der Zouloossungsprozedur vun den Sprëtzmëttel nach ëmmer respektéiert gëtt.

4. Et gëtt momentan kee Grond d'Zouloossungen ze iwwerdenken. Mir halen eis do un d'Virgaben vun der EU-Kommissioun bäi där d'Neonikotinoider nach ëmmer op der Agenda stinn. Soubal d'Kommissioun an d'EFSA zu neien Erkenntnisser kommen, wäerten mir déi natierlech op nationalem Niveau implementéieren.